# Wéi ons Arméi op den Härebierg koum …

Ernest BREUSKIN

De folgende Bäidrag zu dësem Konferenz-Owend, dee jo ënnert dem Romantitel vum Tolstoij „Krich a Fridden„ annoncéiert gouf, soll also den – oder ee – friddlechen Aspekt vun der Dikrecher Lokalgeschicht ofdecken. Dat ass awer nëmme méiglech, wann een de Bau vun enger Kasär als pazifisteschen Akt consideréiert, andeems ee sech eng Reflexioun vun den ale Réimer zueege mécht: „Si vis pacem, para bellum …„

Wa mer elo an déi Zäit zréckkucken, wéi ons Arméi op den Härebierg koum, da geschitt dat natiirlech an enger lokalhistorescher Perspektiv, an dëse restriktive Kader erlaabt et net, weder op d'Origine vun der deemools nei geschafener Arméi nach op di sëllech Diskussiounen iwwert hir Legitimitéit anzegon. Fakt ass, datt den 20. Oktober 1945 décidéiert gouf, di Lëtzebuerger Arméi un der Okkupatioun vun Däitschland an der franzéischer Besetzungszon ze bedeelegen. D'Kontroll vun der Stad Bitburg, engem Deel vum „Kreis Bitburg„ an dem „Kreis Saarburg„ loug an hire Kompetenzen. Mee wou déi Arméi no där zäitlech limitéierter Okkupatioun – si sollt 10 Joer daueren – da logéiere sollt, dat war 1945 nach net gewosst.

Wéi se du schliesslech um Dikrecher Härebierg geland ass, dat soll dann elo hei e bëssche beliicht ginn.

Schonns ganz fréi, am Summer 1945, wéi et eescht gouf mat dem obligatoresche Militärdéngscht hei zu Lëtzebuerg, huet den Dikrecher Schäfferot der Regierung ganz offiziell matgedeelt, Dikrich wier Kandidat fir – erëm – Garnisounsstad ze ginn. Vun 1847 bis 1868 wier jo dat zweet Jeeërbatailloun schonns hei kasernéiert gewiescht, an zwar am heitegen „Ale Kolléisch", dee jo als Kasär geplangt a gebaut gi war.

Dat war eent vun den Haaptargumenten, dat an den Ae vun de Gemengeresponsablen der Kantonal- an Distriktshaaptstad den Avantage sollt ginn, virun zwou anere Lokalitéiten, déi och de Fanger ausgestreckt haten, nämlech Diddeleng an Ettelbréck.

Och haten si zu Dikrech ee Gebai, dat sech hirer Meenung no ganz gutt als Kasär gëeegent hätt: den alen „Hôtel des Ardennes„, wou am Krich d'Finanzamt logéiert war.

Et gëtt dann awer fir e puer Joer roueg ëm dëse Projet, op alle Fall geet an den Déliberatiounsregestere keng Rieds méi dervun, an dat bis den 22. November 1948, wou de Buergermeeschter an engem Bréif un d'Regierung nach eng Kéier op d'Virdeeler vum Site Dikrech ageet.

An hirer Äntwert vum 27. Juli 1949 deelt dann d'Regierung hire prinzipiellen Accord mat, di nei Kasären zu Dikrech ze bauen. Mee nach ass keng Rieds vum Härebierg an deem Zesummenhank.

't gëtt eng Spezialkommissioun aberuff, fir sech ëm di nei Gebailechkeeten ze këmmeren, déi op dem Terrain, wou ëmmer d'Päerdscoursen organiséiert goufen, entstoe sollten. Mee schonns am Mäerz 1949 hat d'Gemeng den Haff um Härebierg mat engem Beréng vun iwwert 40 Hektar, also dee sougenannten Härebiergplateau, kaaft.

Dësen Terrain hat ufanks vum 19. Jhdt. der Famill Vannérus gehéiert, mee den Ernest Vannérus, Affekot an Industriellen, huet e missen 1879 verkafen. Den Terrain huet am Laf vun de Joren e puer Mol de Propriétaire gewiesselt, bis en dann 1945 an de Besëtz vun der Brauerei „Piedboeuf„ vu Jupille koum. A vun där Brauerei huet dann d'Dikrecher Gemeng dësen Terrain de 19. Mäerz 1949 ofkaaft.

De Verkaafsakt, dee beim Notär Kintgen zu Ettelbréck gemaach gouf, ass ënnerschriwwe vum Buergermeeschter Alph. Greisch, Affekot, an den 2 Schäffen, dem Charel Risch, Affekot, an dem Nic. Barthel, Gäertnermeeschter.

Intressant ass, wéi dës Acquisitioun – schliesslech huet den Terrain 1 250 000 Frang kascht – am Gemengerot justifizéiert gouf.

D'Erschléissung vum Härebierg wier wichteg fir di weider Entwécklung vun der Stad, där hir touristesch Infrastruktur duerch de Bau vun deem engen oder aneren Hôtel an dem Amenagement vun engem Flugfeld kënnt ausgebaut ginn, wat jo noutwendeg wier, fir dem Tourissem en neien Opdriff ze garantéieren. Och wann offiziell nach kee Wuert vun enger Kasär do uewe fällt, da gëtt awer schonns haart driwwer nogeduecht, ob dësen Terrain net kënnt, wéinstens zum Deel, vun der Arméi genotzt ginn, fir d'Rekruten auszebilden.

Dogéint gouf et awer deemools och zu Dikrech e Grapp voll Leit, déi ganz konkret Virstellungen haten, wéi den Härebierg fir den Tourissem ze erschléisse wier. Et waren dat d'Membere vum Comité vum Syndicat d'Initiative, dee jo den ale Verschéinerungsveräin ofgeléist hat. Dëse Syndicat war nämlech der Meenung, et wier een et dem Alexis Heck schëlleg, mat innovativen Initiativen de Friemeverkéier ze beliewen.

Sou war d'Iddi entstan, den Touriste-Site Dikrech duerch de Bau vun engem Sessellift op den Härebierg erop ze revaloriséieren. Fir dëse Projet mat dem néidege Serieux virunzedreiwen, war am Laf vum Joer 1948 eng „Herrenberg-Lift-Gesellschaft„ gegrënnt ginn, déi am Dezember 1948 an engem Bréif un de Buergermeeschter hire Projet virstellt. Hei een Auszuch:

„Der Herrenberg, höchster Berg des Landes, gelegen zwischen Gutland und Ösling, mit seinen schönen Aussichten nach allen Himmelsrichtungen (z. B. Sauer, Blees, Berge des Öslings und des Gutlandes, Vianden usw. und bei sichtbarem Wetter sogar bis Arlon), würde sich vorzüglich für die Erbauung einer Bergbahn eignen.

*Laut den bis jetzt durch unsern Verein eingeholten Auskünften, würde sich für die hiesigen Verhältnisse die Erbauung einer Sesselbahn (offene Sessel und geschlossene Cabinen, ähnlich wie bei Trübsee (Schweiz) am besten eignen. Der ungefähre Kostenpunkt beläuft sich auf 1 500 000.- Frk.*

Da die Erbauung einer Bergbahn nach dem Herrenberg sich besonders im Interesse des Tourismus auswirken würde, möchten wir den Gemeinderat bitten, unsern Verein bei der Verteilung der Subsidien pro 1949 zu berücksichtigen. Dieses Subsid soll Verwendung finden, behufs Deckung der Kosten betr. Studium der Angelegenheit und Anfertigung der Pläne usw.„

Een ähnleche Bréif geet dann och un de Minister vum Tourissem, mat nach weidere Prezisiounen. D'Material fir dëse Lift (Pilljeeën, drote Seeler), déi mechanesch an elektresch Ariichtung, alles dat kënnt hei am Land kaaft ginn, wat jo och Aarbecht fir Lëtzebuerger Betriber schafe géif. Nëmmen d'Spezialequipementer sollten aus der Schwäiz kommen.

Die dreiwend Kraaft an deer Gesellschaft „Téléphérique Härebierg asbl„, wéi se op franséisch heescht, ass de Nicolas Hirziger, Sekretär um Distriktskommissariat, Grousspapp vum jëtzege Schäffe Frank Thillen. De Nic. Hirziger war vum Syndicatscomité extra fräigestallt ginn, fir sech ëm dëse Projet ze këmmeren.

Den „Téléphérique Härebierg asbl„ war fir eng onbegrenzten Zäit gegrënnt ginn. Member gouf een duerch Bezuele vun enger Antrëttspartizipatioun vun 1 000 Frang an engem järleche Bäidrag. Interessant ass et, d'Lëscht vun den éischte Memberen duerchzegon, well een hei eng ganz Rei vu bekannten Dikrecher Nimm erëmfënnt:

## „Téléphérique ‚Härebérg‘ Diekirch

Vereinigung ohne Gewinnzweck

**Die Unterzeichneten:**

| | | |
|---|---|---|
| Hirtziger Nicolas, Distriktssekretär | Diekirch | Luxemburger |
| Felten Henri, primeurs et comestibles | Diekirch | Luxemburger |
| Theis Pierre, Schlachthaus-Direktor | Diekirch | Luxemburger |
| Verein „Garten und Heim„ vertreten durch den Präsidenten Pemmers Paul | Diekirch | Luxemburger |
| Syndicat d'initiative Diekirch vertreten durch den Präsidenten Jacques Zenner | Diekirch | Luxemburger |
| Simon J.-P. und Simon Hubert, garage | Diekirch | Luxemburger |
| Schiltz Oskar, Friedensrichter | Diekirch | Luxemburger |
| Putz Léon, Geschäftsmann | Diekirch | Luxemburger |
| Mersch Théodore, Commis-Redacteur | Diekirch | Luxemburger |
| Madame J.P. Simon-Peters Marie, sage-femme | Diekirch | Luxemburger |
| Rommes-Cloos Victor, pharmacien | Diekirch | Luxemburger |
| Hourt-Reiles Metty, Hôtel beau séjour | Diekirch | Luxemburger |
| Michels Michel, Hôtel maison rouge | Diekirch | Luxemburger |
| Melle Schroell Lily, rentière Avenue Victor Hugo | Luxemburg | |

Den Dikrecher Buergermeeschter Greisch hält sech zimlech bedeckt a senger Äntwert op dem Här Hirziger säi Bréif: *„… der Stadtrat habe diese Angelegenheit zurückgestellt, um noch weitere Auskünfte hierüber einzuholen."*

Et deet sech da mol näischt bis de 24. Mee 1950. Do schreift de Staatsminister dem Dikrecher Buergermeeschter e Bréif, an deem hie vun der Dikrecher Gemeng verlaangt, *„de garantir à l'État que votre commune refusera toute autorisation à l'aménagement aux alentours du Herrenberg de chalets de plaisance ou autres installations touristiques„*.

Well awer vun Dikrech keng Äntwert op dee Bréif kënnt, leet de Minister an engem Bréif vum 11. Dezember 1950 nach eng Schëpp no:

„… Au cours des mois écoulés on ne cesse de parler de l'installation d'un télésiège de Diekirch au 'Härebierg'. Comme l'enclos de la caserne sera réservé exclusivement aux militaires on doit se demander si un pareil projet qui reviendrait très cher pourrait avoir le rendement économique escompté.

Dans ces conditions je vous saurai gré de me faire parvenir une réponse à ma lettre du 24 mai 1950 avant le commencement des travaux de construction …„

Gemengt war natierlech de Bau vun der Kasär.

Komescherweis accordéiert zu deemselwechten Zäitpunkt de „Ministère du Tourisme„ der „Société Téléphérique„ ee Subside vun 3 000 Frang.

Och gëtt den Nicolas Hirziger sech nach net geschlon. Hie schreift un de Premier, datt säi Sessellift d'Militär um Härebierg glat nët giff stéieren. Och wier jo nach keen definitiven Trassee vun der Seelbunn festgeluegt.

Am Ganze waren nämlech 8 verschidden Trasseeën ausgeschafft ginn. 6 vum Bamerdall, der Esplanade oder der Kléck aus, dobäi ee mat enger Verlängerung di aner Säit erof bis op Bastenduerf an zwou Alternativen, wann dann den Härebierg wierklech tabu sollt sinn, vum Park aus erop bei den Däiwelselter.

Den 18. Dezember 1950 décidéiert den Dikricher Gemengerot eestëmmeg, keng Autorisatioun fir de Bau vun engem Sessellift ze ginn. An am „NORD" resuméiert de Ben Molitor dat esou: *„eine Sesslibahn oder ein Lusthäusl kommen nicht auf den Herrenberg, sonst werden die Kasernen nicht gebaut."*

An der Tëschenzäit hat sech also d'Regierung net nëmme fir de Site Diekrich entscheed, mee och décidéiert, d'Kasär op den Härebierg ze bauen, op deen Terrain, deen d'Gemeng 1949 kaaft hat an elo dem Staat zur Verfügung stellt.

De Projet „Sessellift" war gestuerwen, och d'Variante aus dem Park bei den Däiwelselter. Wann een nämlech enger Rei vun Artikelen aus dem „NORD" ka gleewen, waren di Dikrecher net onbedéngt begeeschtert vun deem Sessellift, besonnesch wat di finanziell Ënnerstëtzung ugeet. Si waren zimlech zéi, fir Aktie vum Sessellift ze zeechnen oder Lousen ze kafen bei Lotterien, déi réigelméisseg fir de Finanzement vun dësem Projet organiséiert goufen.

*„Besonders von seiten der am Tourismus beteiligten Stellen (Hoteliers, Wirte, Geschäftsleute usw.) hat das Unternehmen grösseres Entgegenkommen erwartet. Z. B. von den 18 Hoteliers haben nur vier Interessenten Anteilscheine gezeichnet. Eine am Tourismus stark interessierte Person fand es sogar zu kostspielig, um ein Los der Tombola von 10 Fr. zu kaufen."* beklot sech de „NORD"

D'Decisioun, d'Kasären uewen op den Härebierg ze bauen, schaaft natiirlech een zousätzleche Probleem: nämlech d´Zoufaart dohinn.

Den 19. November 1949 informéieren de Staats- an den Arméiminister d'Gemeng Dikrech, datt eng nei Strooss vu ronn 1900 Meter op de Plateau Härebierg geplangt wier. Dat ass natiirlech dem Staat säi Probleem, mee och op d'Gemeng Dikrech kënnt eng Hausaufgab zou. Wou sollen nämlech d'Ënneroffizéier an d'Offizéier wunnen?

Et dauert bis 1953, wou d'Gemeng de sougenannten Heckepesch, den Areal vum „Hôtel des Ardennes" opkeeft an un de Staat rëm verkeeft, wou dann d'„Cité militaire" gebaut gëtt. Och geet deemools ëmmer nees am Gemengerot Rieds, Bauplazen ze schafen, wou d'Offizéier baue kënnten.

Dikrech war also festgewëllt, rëm Garnisounsstad ze ginn. Dat huet dann och virausgesat, datt se hei, wéinstens d'Gemengenautoritéiten, weder d'Arméi nach den obligatoresche Militärdéngscht a Fro gestallt hunn, wat deemools net esou evident war.

Och wann d'Arméi direkt nom Krich aus engem patriotesche Gefill eraus vun Dankbarkeet fir ons Befreier eng ganz grouss Akzeptanz hat, sou sollt dat awer an de Joren duerno änneren.

Schonns di verschidde Parteien haten eng ënnerschiddlech Astellung zur Arméi.

Fir d'Sozialisten war d'Arméi ze deier. 1954 hunn d'Dépense fir d'Arméi 10 % vun onsem Budget ausgemaach, Dépense fir d'„Éducation Nationale" dogéint nëmme 5 %. Dësweidere war an hiren Aen eng konvetionell Arméi am Zäitalter vun der Atombomm einfach sënnlos. Och hu si un der Lëtzebuerger Arméi déi sougenannte mexikanesch Zoustänn – zevill Offizéier am Verglach mat der Zuel vun Zaldoten – an ee Waasserkapp am Haaptquartéier kritiséiert.

A schliesslech war d'Ausbildung ze geféierlech: eng Rei vun déidlechen Akzidenter huet dat bewisen.

D'Kommunisten si bis 1947 fir d'Arméi an den obligatoreschen Déngscht agetratt, mee dono, wéi d'Fronten sech am „kale Krich" verhäert hunn, goufe si iwwerzeegte Pazifisten.

Déi Liberal haten och nët di gréisste Sympathie fir d'Arméi, mee wann se an der Regierung waren, hu se d'Mesure fir d'Arméi matgedroen, wéi d'Sozialisten iwwrigens och.

D'CSV ass ëmmer am décidéiersten fir d'Arméi agetratt. An hiren Ae ware mir dat eise NATO-Partner schëlleg. Och war fir si d'Arméi d'„Schoul vun der Natioun". Dat huet awer den CSV-Deputéierten Jean Spautz net dru gehënnert, d'Ofschafe vun der Arméi 1967 an de Wee ze leeden.

Dës partei-bedingt differenzéiert Astellung zur Arméi spiggelt sech awer net erëm an der Dikrecher Lokalpolitik. De Sozialist Henri Cravatte, vun 1950 Buurgermeeschter, war, schonns aus lokalpolitischem Intressi, fir den Härebierg, grad esou wéi seng 2 CSV-Schäffen Jos Herr a Ben Molitor.

Och wann et hei zu Dikrech ee gewëssen Enthousiassem fir dëse militäresche Projet gouf, sou kann een sech dach froen, ob den obligatoresche Miltärdéngscht wiirklech beléift an der breeder Ëffentlechkeet war, well et jo virun allem keng Traditioun an dëser Hisiicht gouf. 2 Argumenter géint d'Arméi sinn an der ëffentlecher Meenung ëmmer rëm virbruecht ginn:

- di männlech Jugend gëtt an hirer Ausbildung zréckgeworf oder ganz dervun ofgehalen, an dat an enger Zäit vum Opbau, wou d'Land op dat gréisst-méiglecht Aarbechtspotential ugewise war;
- ee weidert Géigenargument war dann och di relativ grouss Zuel vun Akzidenter mat déidlechem Ausgank.

Dëst 2. Argument huet hei zu Dikrech eng grouss Resonanz fonnt, well och 2 Dikrecher Jongen an de Joren 1953 an 1954 bei esou Akzidenter ëmkomm waren.

Sou informéiert de Buurgermeeschter Cravatte den 1. Oktober 1953 säi Conseil iwwert den trageschen Doud vum 20 Joer ale Rudi Hoffmann aus der „rue du Gymnase“: *„Il s'agit d'un accident tragique qui frappe d'autant plus cruellement la famille que le fils aîné a été enrôlé de force dans la Wehrmacht et que jusqu'à présent il est porté disparu.“*

De Rudi Hoffmann war an Däitschland ëmkomm, wéi een Arméiscamion sech iwwerschloen huet. Bei deem Akzident goufe nach 15 aner Zaldote blesséiert. An den NORD schreift och, datt de Rudi Hoffmann nach Sonndes virdrun mat de „Young Boys“ géint Lëntgen op der lénkser Bande gespillt hat an e ganz douéirten Nowousspiller war.

Bal genee ee Joer méi spéit sollt rëm een Dikrecher Jong säi Liewen am Arméisdéngscht loossen. Et war dat de Nic Carl, deen zu Bitburg bei enger Übung fir Handgranaten ze werfen ëmkoum.

Dat militärescht Begriefnes hei zu Dikrech huet souguer säi literareschen Nidderschlag fonnt an dem Roger Manderscheid sengem Roman „Feier a Flam“ (den 3. Deel vu senger Trilogie „Schacko Klack“ – „De Papagei um Käschtebaam“ – „Feier a Flam“). Hee schreift:

„wéi de jong, en dikrecher, zu dikrech feierlech begruewe gouf, stung de chrëscht och do mat sengem ploton éiregarde, an dunn huet op eemol eng stëmm fiirchterlech haart gebirelt, iwer déi ganz grouss roueg an traureg plaz, eng verzweifelt stëmm vun engem eelere mann, matzen an déi äiseg rou eran:

– wie gët mir dann elo mäi jong erëm? sot mer deen, deen en um gewëssen huet, ech bréngen deen ëm. musse mir iwwerhaapt eng arméi hun? wat hut der mat mengem jong gemat?“

Wéi gesot: Den 30. Juni 1948 hat d'Regierung entscheed, di nei Kasär zu Dikrech ze bauen, well hei d'Gemeng bereet war, fir de symbolesche Frang folgend Terrainen zur Verfügung ze stellen:

den Terrain, wou d'Päerdsrennen ofgehal goufen, wou d'Kasär sollt hikommen (3–4 Ha)

de Plateau vum Härebierg als Übungsterrain (43 Ha) an den Hôtel des Ardennes, deen dem Staat gehéiert huet, sollt e Verwaltungsgebäi ginn.

Bei dëser Geleeënheet ginn och d'Avantage vum Site Dikrech opgezielt: *„La ville dispose d'une gare, toute proche, eau, électricité et gaz, piscine, collège. Les 30 officiers et tous les sous-officiers trouveront facilement à s'y loger à peu de frais.“* (Mat der „piscine“ war natiirlech déi „Al Schwemm“ gemengt.) Mee schonns den 20. August 1948 huet d'Regierung décidéiert, d'Kasär op den Härebierg ze bauen.

Dat huet de Staat virun zwou Erausfuerderunge gestallt, wéi schonns gesot:

- de Bau vun enger Strooss op de Plateau vum Härebierg
- an den Approvisionnement mat Drénkwaasser a virun allem d'Entsuergung vum Ofwaasser.

Et gouf zwar ee Feldwee op den Härebierg, mee dee konnt net ausgebaut ginn. Duerfir huet eng nei Strooss sou séier wéi méiglech misse gebaut ginn, well am Fréijor 1950 mam Bau vun de Kasäre sollt ugefaang ginn.

Well awer bei der Bauverwaltung grad an deem Moment Personal feelt, sinn d'Pläng vun der neier Strooss eréischt den 20. Juni 1950 fäerdeg. Gezeechent ware se vum „ingénieur d'arrondissement" Willems.

Deeler vun dem ale Feldwee sollten an di nei Strooss incorporéiert ginn, déi eng Breet vu 6 Meter sollt kréien a Pente vun 2,5% – 11%.

Den Devis huet sech op 7 300 000 Frang belaf. De 17. August krut d'Firma Schou den Zouschlag. D'Firma Geisen an d'„Carrières Réunies de Gilsdorf" waren domat chargéiert, fir d'Sténg ze liwweren.

63 Propriétairen hu missen kontaktéiert ginn, fir déi néideg Terrainen opzekafen. D'Entschiedigung louch bei 4 bis 6 Frang de Quadratmeter. *„Mee"*, sou schreift de Buergermeeschter un de Bauteministère, *„3 Propriétairen hätte gäre méi, nämlech 10 bis 12 Frang de Meter Carré. Duerfir sollt sech vläicht de Ministère aschalten, ier ee sollt iwwer eng Enteegnung nodenken."* Och hunn d'Propriétairen zousätzlech Schuedenersaz fir hir Uebstbeem kritt, déi hu missen ëmgeha ginn, am ganzen 200 Stéck, am Wäert vun 118 425 Frang."

Beem ëmhaen fir eng Zoufaartsstrooss bei eng Kasär, dat wier natiirlech eng Saach fir déi heiteg Ekologen an Ëmweltschützer gewiescht!

Beim Bau vun dëser Strooss sollt awer nach eng Rei vun onerwaarte Schwieregkeeten optrieden. So war et am Fréijor 1951 no villem Reen zu engem Erdrutsch komm, sou datt eng zousätzlech Stützmauer huet misse gebaut ginn. An den Ae vun der Bauverwaltung huet d'Firma Schou och net séier genuch geschafft. Dat geet aus engem Bréif vum 8. Juni 1951 ervir, deen d'Firma opfuerdert virun ze maachen, well d'Strooss den 1. Juli sollt fäerdeg sinn. *„Passé ce délai des mesures coercitives prévues par le cahier des charges ne sauraient plus être évitées."*

Uewen an ënne vun der neier Strooss gouf et zousätzlech Schwieregkeeten.

Well di éischt Pläng vun der Kasär nodréiglech geännert goufen, huet missen d'Afaart nei verluegt ginn. Duerfir hunn awer nach e puer zousätzlech Terrainen missen opkaaft ginn.

Mee och ënnen am Bamerdall, wou d'Strooss op den Härebierg fortgung, ass net alles glat iwwer d'Bühn gaang. Verschidden al Haiser hu missen ofgerappt ginn, an d'Propriétaire kruten als Entschiedegung een anert Haus an Dikrech.

Am meeschte Kappzerbrieches hat d'Bauverwaltung mat der Villa Lola, déi deemools eng Familljepensioun war, déi den zwou Schwësteren Bürner gehéiert huet.

Geplangt war, de rietsen Deel vun der Villa mat den Dependenzen hannendrun ofzerappen. Den ofgerappte Bauvolumen sollt dann duerch ee Neibau hannert der Villa ersat ginn. Dës Léisung war awer aus juristesche Grënn net méiglech, well di ganz Propriétéit an 3 Parzellen agedeelt war, vun deenen der zwou enger Schwëster gehéiert hunn.

Duerfir ass drugeduecht ginn, de Propriétairen als Entschiedegung vun der agebéisster Bausubstanz een Erdraagshaus an Dikrech ze kafen. Well awer d'Exigenze vun deenen zwou Dammen an den Ae vun der Bauverwaltung e bësschen iwwerdriwwe waren, gouf beschloss, d'Villa Lola ston ze loossen an d'Strooss riets derlaanscht ze féieren. Duerfir hunn awer 2 weider Heiser op der rietser Stroossesäit missen ofgerappt an eent ëmgebaut ginn. U Reklamatiounen iwwert di nei Strooss sollt et dann och net feelen. De 6. Juli 1952 reent et wéi mat Eemeren, an de Bamerdall gëtt iwwerschwemmt. 25 Awunner

ënnerschreiwen ee Protestbréif un de Minister, datt d'Kanalisatioun an der neier Strooss falsch verluegt wier. Als Absender signéiert de „Lëtzebuerger Aarbechter Verband", Sektioun Dikrech.

Den zoustännege Bezierksingenieur äntwert awer do kategoresch, de 6. Juli wier ganz Dikrech iwwerschwemmt ginn an d'Iwwerschwemmung am Bamerdall wier guer net op di nei Kanalisatioun zréckzeféieren.

Am November drop beschwéiert sech ee Propriétaire, a sengem Haus wiere Rëss wéinst där neier Strooss entstanen, an am Schlofzëmmer giff de Plafong riskéieren erofzefalen.

Och hei huet d'Bauverwaltung eng plausibel Erklärung. Well d'Haus keng Follementer hätt, giff et natierlech ënnert de Vibratioune vun de Camionen leiden. Awer duerfir kënnte weder d'Gemeng nach d'Regierung.

Mee am Februar 1953 décidéiert d'Bauverwaltung dann awer, d'Haus, dat an engem katastrophalen Zoustand ass, ze kafen an ofzeräissen, well si et dach eng Kéier fir deiert Geld renovéiere misst.

Di 2 Dammen an der Villa Lola sinn och ëmmer ganz spontan mat Reklaméieren. Sou wieren di Dänne laanscht hire Schapp ouni si ze froe gehaen an oftransportéiert ginn. Och wier duerch Sprengungen beim Bau vun der Strooss hiren Zillendach beschiedegt ginn: an duerfir hätten si gär Schuedenersaz.

D'Bauverwaltung geet där Reklamatioun no a stellt fest:

- d'Dännebeem hunn der Gemeng Dikrech gehéiert;
- beim Bau vun der Strooss ass iwwerhaapt net gesprengt ginn.

Am Laf vum Jor 1954 geet dann eng Demande vum Lokalveräin bei der Gemeng eran, fir deen ale Feldwee rëm an d'Rei ze setzen, well d'Päerd an d'Kéi op dem neie Macadam ausrutsche géifen. De Schäfferot ass d'accord mat där Propositioun, wann d'Arméi d'Käschten iwwerhëlt.

De Bau vun de neie Kasären huet dann och méi laang gedauert ewéi virgesinn.

Bei de Pläng vun deene neie Gebailechkeeten gouf sech orientéiert u moderne Kasären a Frankreich an an der Schwäiz, déi no dem Pavillon-Konzept gebaut waren. A sou enge Pavillonen waren d'Zaldoten net wéi soss a grousse Gebaier zesummegepiercht, sou datt am Noutfall d'Kasäre vill méi einfach a méi séier evaquéiert konnte ginn.

Deen eenzege Nodeel vun der Pavillonbauweis war de Käschtepunkt. Dee louch esou héich, datt d'Schwäiz sech se nëmmen am Holz leeschte konnt.

Mee „la maison ne recule devant aucun sacrifice": et gouf décidéiert, déi modernste Kasär op den Härebierg ze bauen. Deen eenzege Nodeel war, an den Ae vun auslännesche Observateure, datt, par rapport zu der Zuel vun Zaldoten, déi do ënnerbruecht waren, den Übungsterrain vläicht e bëssche kleng gerode war.

Geplangt waren am Ganzen 33 Pavillonen, respektiv Gebaier.

Fir dëse grousse Projet ze realiséieren haten sech 7 Entrepreneuren an engem Konsortium zesummegedon, deen sech „Nennig + Co" genannt huet. Et waren dëst folgend Firmen: Gebridder Agnes, Gebridder Frank, Gebridder Morché, Gebridder Schrader, d'Firm/en Nennig a Schou. D'Firma Perrard hat dernieft nach een Eenzelzouschlag kritt.

De virgesinnen Zäitplang konnt net agehale ginn, a wéi d'Arméi den 10. Juli op den Härebierg geplënnert ass, waren nëmmen d'Wunnpavillone fäerdeg. E puer Tëschefäll hunn och zu dëser Verspéidung bäigedron. Sou ass z. Bsp.

- den 22. September 1953 ee Kran ëmgefall. Et huet 3 Woche gedauert, bis ee Kran op der Plaz war, fir deen ëmgetrollten rëm opzeriichten. Mee deen ass dunn och ëmgetroll a nach méi schwéier beschiedegt ginn, wéi deen éischten;
- am Januar 1954 gëtt wéinst Schnéi a Keelt 3 Woche net geschafft;

- och geet Rieds an der Press vun enger Rei Aarbechtsakzidenter. Sou fällt de Blechschléier Lanners vu 9 Meter erof a blesséiert sech schwéier um Kapp a brécht de Becken an e puer Rëpper.

Am Mäerz 1954 goufen di elektresch Installatiounsarbechte verginn. 8 Firmen hunn sech déi opgedeelt, 3 vun Dikrech (Hoffmann Frères, Bergh a Gorges) 3 vun Ettelbréck (Stoos, Schaus an Diederich) eng vu Veianen (Bessling) an eng vu Medernach (Schwarz).

Den Anzuch vun der Arméi an di nei Kasär den 10. Juli 1955 ass natiirlech fir Dikrech ee groussen Dag. Am „NORD"-Leitartikel samsdes virdrun schreift de Ben Molitor: *„Eine neue Ära hat für Diekirch begonnen. Morgen zieht die neue luxemburgische Armee in Diekirch ein. Die Studentenfanfare geleitet sie durch die Straßen der Stadt und schmettert den Marsch des 2. Bataillons. Die Fahnen flattern, die Bevölkerung ist froh, die Herzen hüpfen schneller im Takt des Marschschrittes unserer Soldaten, die frischfröhlich den Herrenberg besetzen und von dort aus über die Stadt, die sich geruhsam am Fuße des „camp militaire" kuschelt, wachen …"*

De Programm vun de Feierlechkeete léisst sech weisen. Em 10:30 empfänkt d'Fanfare vum Kolléisch d'Zaldoten am Bamerdall a féiert se iwwert d'Esplanade, duerch rue Alexis Heck, rue du Pont, d'Groussgaass an d'Antoniusstrooss an d'Dekanatskiirch an d'Houmass.

Nomëttes ëm 4 Auer ass um Härebierg eng Truppe-Revue duerch de Prënz Felix an de Minister Pierre Werner. An der Press liese mer iwwert dem Buergermeeschter seng Bregréissungsried:

„In seiner sehr ausführlichen Rede wies Bürgermeister Cravatte darauf hin, dass mit der Errichtung der neuen Kaserne, die als Konsequenz der internationalen Politik zu sehen sei, eine neue Phase in der Geschichte des altehrwürdigen Herrenbergs begonnen habe.

*Nach 88 Jahren sei Diekirch wieder Garnisonsstadt, was eine besondere Auszeichnung für das Sauerstädtchen sei. Anschließend ging er auf die Planung und Verwirklichung des Projektes ein, wobei er den Einsatz seiner Vorgänger, aber auch das positive Wirken des „Diekircher Staatsministers"* (gemengt ass de Joseph Bech) *unterstrich. Zum Schluß wandte er sich an die neuen „Bewohner" der Kaserne.'Dir Zaldoten kommt heihinner, fir hei är militärisch Ausbildong ze kreien an domatt aèren Service fir d'Land ze erföllen. D'ass klar, datt den Service Militaire net vu jidderengem als eppes Agréables betruecht gett. De Service Militaire hott jo och net den Zweck aus dem Rekrut en perfekten Zivilist ze machen. Och an eisem demokratische Land brengt de Militärdengscht Servituden mat sich, de' nöt duerduerch me' licht gin, wann èn derge'nt rékrimine'ert.*

Trotzdem Är Présenz zu Dikrich önnert dem Zéchen vum Déngscht um Land stét, wönsche mir Dikricher, dat se fir Iech an all de' de' nach komme,a sympathischer Erönnerung bleiwt. Mir Diekricher se fro', dat Dir heihinner kommt. Mat Ongedold hu mir op Iech gewart. Mir hätten gèren wann eis Stadt fir jiderèn vun Iech zu enger zwèter Hèmecht gie'f, wu èn sich elo a spidder emmer wuelfilt.'"

Ëm 5 Auer nomëttes ass eng Rezeptioun an der Gemeng. Ëm 6 Auer spillt d'Militärmusek op der „Kluuster". Ëm 9 Auer offréiert de SIT eng choreografesche Spektakel duerch ee Ballet aus der Stad. Dikrech war also rëm, a fir di zweete Kéier, Garnisounsstad.

Zum Schluss bleift dann nach d'Fro, wéi dann di Dikrecher mat deene neie Matbierger, den Offizéier an Ënneroffizéier eens goufen.

Den Historiker Paul Cerf schreift an dësem Zesummenhank dat hei:

„A Diekirch, petite ville provinciale, la vie n'était pas comparable à celle que les officiers avaient menée à Bitburg. Finis les somptueux logements de service avec domestiques allemands, finies les parties de chasse avec les officiers de la zone d'occupation française, finies les „neuvaines" au mess des officiers.

Les épouses des officiers avaient du mal à s'insérer dans la vie sociale de la petite ville très provinciale, où le sens des hiérarchies était fortement marqué. Le bourgeois de Diekirch n'avaient pas l'habitude d'ouvrir leurs salons aux premiers venus. L'armée vivait maintenant davantage sous les yeux de l'opinion publique nationale et cette opinion publique ne lui était pas de plus favorables."

Ech mengen, dës Ausso kënnt dach e bësschen nuancéiert oder relativéiert ginn. Deemools waren effektiv d'militäresch Kadere kasernéiert, d.h. si hu missen zu Dikrech wunnen, eng Virschrëft, déi awer am Laf vun de Joren ëmmer méi verwässert gouf. D'Ënneroffizéier waren an der „Cité militaire" ënnerbruecht, an d'Gemeng hat neie Bauterrain fir d'Offizéier amenagéiert, virun allem an der Gilsddrëfer Strooss an an der „rue du 11 septembre", déi duerfir och d'Revolvergaass genannt gouf.

Fakt ass, datt di militäresch Kaderen, déi zu Bitburg un eent vun der Zivilbevölkerung getrennte Kasäreliewe gewinnt waren, d'Tendenz haten, och zu Dikrech een Deel vun hiren ausserdéngschtlecher Zäit um Härebierg ze verbrengen, z. Bsp. an d'Sonndesmass mat der Famill op den Härebierg ze gon an uschléissend am Offizéieschmess ze Mëtteg z'iessen.

Dat waren natiirlech Zeeche vun engem „esprit de corps", deen dann och vun den Dikrecher Leit als eng fräiwëlleg Ausgrenzung konnt gesi ginn.

Och sinn d'Zaldoten, wann se Ausgank haten, net onbedéngt an di Dikrecher Caféë gaang, méi éischter an d'Ëmgéigend ausgewach. An esou gouf dann alt vun den Dikrecher gesot: „Dikrich hott neischt vum Härebierg!"

Dat war vläicht eng virschnell Conclusioun, well am Laf vun de Joren a Jorzengte sollt sech dach eng flott Symbiose tëscht dem Härebierg an der Sauerstad entwéckelen. Ech denken z. Bsp. un déi vill Theater- an Operettenowenter, déi d'Leit vun Dikrech an Ëmgéigend an deem schéine Festsall, wéi et soss wäit a breet kee gouf, offréiert kruten an un déi vill Sportsmanifestatiounen an där moderner Sportshal, deemools och di eenzeg wäit a breet, dann och z. Bsp. un d'Chrëschtmetten, déi jorelaang vun de Solschlësselcher do uewe gesonge goufen.

Mee och ënnen an Dikrech war d'Arméi gär gesinn. Hir Presenz bei der „Journée de la Commémoration Nationale", bei der Schlussprozessioun, bei der Parade fir Nationalfeierdag, beim Fakelzuch an dem Te Deum; spéider dann d'Marche de l'Armée, een „Highlight" am Dikricher Manifestatiounskalenner: alles dat beweist, datt lues a lues zesummegewues ass, wat eben elo zesummegehéiert. A net ze vergiessen dat perséinlecht Engagement am Dikrecher Veräinsliewe vun enger ganzer Rei vun Arméisleit. E puer Nimm vläicht:

René SCHILTZ, President vum BBC Dikrech,
Erny THIEL, Grënnungspresident vum CELTIC Dikrech,
Gaston Willière, Comitésmember a President vun de Young Boys,
Max PAULUS, Spiller an Trainer vum Futtball,
Georges SCHMIT, Comitésmember vun der Philharmonie,
Jean THILL, Grënnungsmember an Trainer vum CHEV/Handball a Sekretär vun der Entente sportive.

Ech hunn der elo bestëmmt vergiess, mee dat alles beweist, an domat wëll ech ophalen, datt d'Gemengepäpp nom Krich dach eng gutt Nuess haten, fir d'Arméi op den Härebierg ze huelen.

Quell: Den Deiwelselter Ed. spéciale juillet 2005

**Ern BREUSKIN:** ***„Wéi d'Arméi rëm zréck op Dikrich koum"***